N°854
Entrée le 09.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Inneminister, Léon Gloden, a vun der Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung, Martine Deprez, op d'parlamentaresch Fro n° 854 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas**

**Fro 1**

Zënter 2018 koum den Helikopter beim Ettelbrécker Spidol 3.105 mol zum Asaz (Stand 13. Juni 2024).

**Fro 2**

Vun deenen 3.105 Flich sinn der 2 iwwert d'Landesgrenzen erausgaang.

**Fro 3**

Et stëmmt, datt virgesinn ass, fir mëttelfristeg en anere Site fir den Helikopter ze sichen.

**Fro 4**

Engersäits ass d'Finanzéierung vun den 2 Helikopter vun der Luxembourg Air Rescue a.s.b.l. (LAR) iwwert eng Konventioun tëschent der LAR an dem CGDIS gereegelt. D'LAR facturéiert dem CGDIS all Mount déi Fluchminutten, wärend deenen d'Helikopter fir SAMU-Asäz ënnerwee waren. De CGDIS kritt déi Ausgaben vun der Gesondheetskeess (CNS) rembourséiert.

Anerersäits kritt d'LAR iwwert eng Konventioun mam Inneministère e järleche Subside an Héicht vu maximal 1.4 Milliounen Euro fir d'Bedreiwe vun dësen 2 Rettungshelikopter am Kader vum Service d'aide médicale urgente (SAMU).

Di 2 Rettungshelikopter goufe rezent vun der LAR ersat. De Staat bedeelegt sech mat 3 Milliounen Euro un der Uschafung vun dësen 2 Helikopter. Eng zousätzlech Millioun Euro gouf der LAR an Aussiicht gestallt, woubäi fir d'éischt eng Analyse vun hirer Finanzsituatioun duerch d'Inspection générale des finances (IGF) duerchgefouert wäert ginn, éier dass dësen zousätzleche Montant ausbezuelt gëtt.

Déi Käschten déi d'LAR net iwwert déi 2 Konventiounen gedeckt kritt, finanzéiert si momentan aus eegene Mëttel, wéi zum Beispill iwwert d'Membersbäitreeg.

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2024
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN